26.05
27.08
2023

natur musée



# TÄUSCHEND ECHT!

## WËLL ORCHIDEEËN ZU LËTZEBUERG

natur musée
mnhn.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

# Virwuert

Op den éischte Bléck wierke se tatsächlech täuschend echt: Wéi wann et sech ëm eng bont gemëschten Usammlung vu grad an der Natur gepléckten Orchideeëbléien handele géif, déi aus iergendengem exzentresche Grond hei hannert Plexiglas ausgestallt sinn. Mee dës Planze hu guer näischt Frësches, näischt originär Vegetaresches u sech. Och sti se net nëmmen hannert duerchsiichtegem Konschtstoff, mee si besti selwer aus syntheteschem Material. Et sinn naturgetrei Planzemodeller.

Ass dëst elo e weidert Unzeeche vum redoutéierten Triumph vum Kënschtlechem iwwert d'Natur – beschtefalls eng gelongen Täuschung vun de Sënner – well d'Konschtstoffmodeller aus der Ausstellung méi liewensecht wierken wéi déi soignéiertst hollännesch Stëllliewen?

Esou geet et wuel munche Besicher duerch de Kapp, wa se am 'natur musée' virun de Vitrinne mat den eenzegaartege, vum Planzemodelleur Sebastian Brandt, hiergestallte Kreatioune stinn. Sollt et net grad an enger Ausstellung iwwer bedroten Orchideeënaarten drëms goen, dës och an hirer ganzer Natierlechkeet ze bewonneren?

D'Vergänglichlechkeet gehéiert elo mol zum Wiese vu jiddwer Planzebléi. Däischter Muséessäll eegne sech einfach net duerfir, lieweg Planzen iwwer eng länger Zäit auszestellen. Dat gëllt an éischter Linn fir all d'Aarten ënner Naturschutz, zu deenen all déi wëll Orchideeë vu Lëtzebuerg gehéieren. Firwat Versich scheitere géifen, wëll Orchideeë fir eng Ausstellung kënschtlech ze ziichten, erklärt sech séier iwwer d'Biologie vun dëse Planzen: Den obligatoresche symbiontesche Champignon, ouni dee keng eenheemesch Orchidee iwwerliewe kann, léisst sech nämlech net aus dem Heemechtbuedem vun der Planz mat transplantéieren.



Genuch Grënn also, déi wëll Orchideeën am Kader vun dëser Ausstellung wéi an Zäit an a Bernstein agefrueren Insekte virzestellen. Waren et an der Vergaangenheet déi konschtvoll Illustratiounen aus de Kräider- a Bestëmmungsbicher, déi gehollef hunn, op onscheinbar a flüchteg Detailer opmierksam ze maachen, sinn et elo déi genial Imitatioune vum Sebastian Brandt, déi déi faarweg Bléieblieder, dat opfälleg zur Lëps vergréissert Krouneblat an déi fleescheg Wuerzelstäck vun de Planzen zu Wonnere vun der Natur stiliséieren. E generéisen Don huet dem 'natur musée' et erlaabt e puer Exempläre fir seng Modellsammlung ze kafen, fir se elo dem Public ze presentéieren.



Modeller sinn awer méi wéi just konschtvoll Presentatiounsmaterial. Zënterdeem botanesch Modeller am 16. Joerhonnert vu Botaniker bei Konschthandwierker an Optrag gi sinn, si se als "wëssenschaftlech Modeller" betruecht ginn, déi fir botanesch Uleedungen op héchstem Niveau gebraucht konnte ginn. Genee esou wéi déi héichwäerteg Zeechnungen aus de Bestëmmungsbicher sinn d'Modeller an der Regel Kompositioune vun e puer Exemplare vun der selwechter Aart, fir déi charakteristesch Aspekter vun der Planz ze erfaassen, andeems Detailer erausgefiltert goufen, déi d'Identifizéierung vun der Planz um Terrain behënnert hätten.

Zousätzlech zu den ausgestallte Beleeger vu wëllen Orchideeën aus der hauseegener Sammlung an den Ausstellungstexter, déi mat Hëllef vum Naturkundemuseum Erfurt entstane sinn, bitt d'Ausstellung "Täuschend echt! Wëll Orchideeën zu Lëtzebuerg" mat hire Modeller also en eenzegaartegen Abléck an déi faszinant Welt vun dëse "Bijoue vun onser Natur". Loosst Iech also ouni Hemmung vun hirer Schéinheet verzauberen!

Patrick Michaely

Direkter

Nationale Musée fir Naturgeschicht – 'natur musée'

# Merci

D'Ausstellung "Täuschend echt! Wëll Orchideeën zu Lëtzebuerg" wär ouni d'Ënnerstëtzung vu ganze ville Mënschen net zustane komm. Et sollen hei fir d'éischt déi vill verschidde Servicer vum natur musée genannt ginn, deenen hir Zesummenaarbecht fir d'Entstoe vun dëser Ausstellung onbedéngt néideg war. Besonnesch d'Mataarbechterinnen  an d'Mataarbechter vum Service muséographique, vum Service technique, vum Service éducatif, vun de Sektioune Botanik an Zoologie an och fräiwëlleg wëssenschaftlech Mataarbechter hunn déi läscht Méint hir Begeeschterung, hire Fläiss an hiert Fachwëssen abruecht fir des Ausstellung ze gestalten.

E ganz besonnesche Merci geet un de Sebastian Brandt (Reco-Brandt) an d'Kolleege vum Naturkundemuseum Erfurt, déi eis am Virfeld dat ganzt Material vun hirer Ausstellung "Juwelen der Natur – Orchideen in Thüringen"  zur Verfügung gestallt hunn an eis erlaabt hunn et fir Lëtzebuerg unzepassen an ëmzegestalten.

En häerzleche Merci och un déi vill Fotografen a Fotografinnen, déi eis hir Biller zur Verfügung gestallt hunn, fir dass d'Schéinheet vun den heemeschen Orchideeën sou prachtvoll konnt duergestallt ginn: Sebastian Brandt, Guy Conrady, Nathalie Grotz, Jan Herr, Wolfgang Hock, Alain Hoffmann, Karel Kreutz, Yves Krippel, Max Lauff, Fernand Lommer, Marianne Majerus, Jean-Marie Mangen, Jim Meisch, Georges Moes, Mikka Mootz, Ronny Mozek, Simone Schneider, Eric Threinen, Jean-Paul Wolff, Peter Zschunke.

Villmools Merci dem Georges Moes an der Stëftung natur&ëmwelt fir hire wichtege Bäitrag zum Thema Schutz an Erhalt vun den Orchideeën.

Zu gudder Lescht ee grousse Merci un d'Ekippe vun de Gardiens, de Guiden an och der Botzekipp, déi dofir suergen, dass Är Visite vun der Ausstellung zu engem agreabelen Erliefnes gëtt.

# Aleedung

Eng wichteg Aufgab vum natur musée ass d'Vermëttele vu Wëssen iwwert d'Aarten, déi zu Lëtzebuerg virkommen, hir Liewensweis, hir Verbreedung a wéi si gefäerdet sinn. Heibäi kommen d'Planze leider dacks ze kuerz. Weder gedréchent a gepressten Herbiersbeleeger aus de Sammlunge vum Musée, nach am Alkohol ageluechten, verblatzte Planzendeeler eegnen sech fir d'Villfalt an d'Schéinheet vun der Flora duerzestellen a scho guer net fir de Publikum ze begeeschteren. Mat neiste Preparatiounsmethoden ass et elo awer fir d'éischt Kéier méiglech fir Planzen an hirer ganzer natierlecher Pruecht – Täuschend echt! – duerzestellen.

An der Ausstellung "Täuschend echt! Wëll Orchideeën zu Lëtzebuerg" presentéiert den natur musée seng Sammlung vu liewensechten Nobildungen vun deene 45 heemeschen Aarte vun Orchideeën  a gëtt en Abléck an déi faszinéierend Vilfalt vun dëser Planzefamill.

Orchideeë kennt bal jiddereen. Déi beléiften Zëmmerplanzen mat deene prächtegen opfälleg gefierfte Bléien fënnt een an all Blummebuttek a si stinn op ville Fënsterbänken. Dass awer och zu Lëtzebuerg an der Natur wëll Orchideeë wuessen, ass awer manner bekannt. Dobäi eegnen sech grad déi well wuessend Orchideeën exzellent fir déi naturno aarteräich Liewensraim unzeweisen, déi mir am Kader vun der weltwäiter Biodiversitéitskriis musse schützen an erhalen.

Déi heemesch Orchideeën hunn sech un ganz verschidde Liewensraim ugepasst. Déi eng kennen am däischterste Bësch bal ouni Luucht auskommen, anerer erdroen déi extrem Dréchent a staark Sonnestralung um Dréchewues, nach anerer kënnen a fiichten oder souguer suppege Wisen iwwerliewen. Gemeinsam hunn all Liewensraim vun Orchideeën hir Närstoffaarmut, well Orchideeë kënne mat ganz wéineg Närstoffer eens ginn. Dobäi hëlleft hinnen déi enk Bindung u Wuerzelpilzen, op déi si scho fir ze kéngen ugewise sinn. An hiren ënnerierdeschen Späicherorganen kënnen si Reserven uleeën, déi hinnen et erlaben am gënschtege Moment séier zur Bléi ze kommen.

Wéi all Orchideeë sinn och déi di zu Lëtzebuerg wëll wuessen richteg Meeschteren wann et drëm geet fir de Bestëbser falsch Tatsaachen virzespillen an si – Täuschend echt! – unzelackelen fir dass si hire Pollen direkt als ganze Pak vun enger Bléi bei di nächst transportéieren. Wann si Nektar ubidden, dann ass deen sou gutt verstoppt, dass d'Insekten net kënnen dru kommen ouni dass si e Pollepak opgepecht kréien. Aner Aarte bidden iwwerhaapt keen Nektar méi un, gesinn awer fir Insektenaen aus wéi d'Nektarbléie vun anere Planzen. Nach anerer lackelen d'Insekten an eng Fal oder täuschen souguer e Sexualpartner vir.

D'Herbarbeleger, déi an de Sammlunge vum natur musée conservéiert ginn, enthalen ënner anerem déi eendeiteg Noweiser zum Virkommen vu Planzenaarten zu Lëtzebuerg. Doraus kann ofgelies ginn wéi eng Aarten zu Lëtzebuerg virkommen a wéini si fir d'éischt zu Lëtzebuerg erfaasst goufen. Dës Informatiounen, zesumme mat de Beobachtungsdonneeën zur Biodiversitéit zu Lëtzebuerg an den Erkenntnisser aus spezifesche Fuerschungsprojeten erlaben et d'Verännerungen an der Verbreedung vun den Aarten ze studéieren. Sou wësse mer dass néng vun deenen 45 zu Lëtzebuerg eenheemeschen Orchideeënaarten am leschte Joerhonnert verschwonne sinn an dass 14 Aarten gefäerdet oder staark gefäerdet sinn.

Dofir wëlle mir mat dëser Ausstellung d'Bewosstsinn vun de Visiteuren fir d'Orchideeën an hir Liewensraim erwächen: wierklech Oasen vun der Biodiversitéit, déi leider staark bedreet sinn. An Zäiten, an deenen eng esou grouss Unzuel vun Aarten op esou ville Plazen esou e staarke Réckgang verzeechent a vum Ausstierwe bedreet ass, ass de Schutz vun all nach esou klengem Standuert als Tréttsteen fir d'Erhale vun der d'Biodiversitéit wichteg.



# Täuschend echt!
# Well Orchideeën zu Lëtzebuerg

Orchideeë sinn mat iwwer 30.000 bekannten Aarten déi zweetgréisst Planzefamill op der Welt. Si si Meeschtere vun der Täuschung, déi hir Bestëbser mat aussergewéinleche Methoden ulackelen.

Déi eenzegaarteg Villfalt a Pruecht vun den Orchideeëbléien fasczinéieren d'Menschen zanter Joerhonnerten. Déi meescht Mënsche kennen Orchideeën als dekorativ Zëmmerplanzen op der Fënsterbänk. Dës Ziichtungen vun ursprünglech tropëschen Orchideeën mat iwwergrousse Bléien an a ville Faarwvariatiounen ginn zu Milliounen a sterile Reagenzglieser op Nierléisungen kèenschtlech produzéiert.

Zu Lëtzebuerg sinn 45 Arten Orchideeën a verschiddene Liewensraim eenheemesch; dovu sinn der neng bei eis leider schon ausgestuerwen. Orchideeë weise ganz ëmpfindlech op biologësch intakt Liewensraim hinn a wou si virkommen fënnt een oft nach aner seelen Déieren- a Planzenaarten.





# Eng eenzegaarteg Sammlung

Déi präisgekréinte botanesch Modeller vum Sebastian Brandt (Fa. Reco-Brandt, Kornhochheim, Däitschland) sinn eenzegaarteg Konschthaarz-Ofgëss vun echte Planzen. Mat Hëllef vun enger neiaarteger Method ginn si an opwenneger Klengaarbecht handwierklech produzéiert. Sou entstinn fir d'éischt Kéier botanesch Exponaten an enger héijer Qualitéit.

All Eenzeldeeler vun de Planzen, wéi Blieder, Bléien a Stiller ginn a speziell Silikonbléck agegoss Doraus entstinn Géissformen, déi mat faarwege Konschthaarz-Mëschunge gefëllt ginn. Beim chemeschen Aushäerden entsti mikroskopesch exakt an dauerhaft Ofgëss vun deene verschiddene Planzendeeler, déi dann zum fäerdege Modell zesumme montéiert ginn. Nodeems si iwwerschafft goufen an eng Schlusskoloratioun kruten, stëmmen d'Reco-Brandt Orchideeën-Nobildungen a Gestalt a Faarf exakt mat dem Planzen-Original iwwereneen.





# Typësch Orchidee


D'Bléie vun den Orchideeën, déi zu Lëtzebuerg wëll wuesse kennen sech mat hirer Gréisst a Faarwepruecht meeschtens net mat de bekannten Orchideeën-Zuuchtformen oder den tropeschen Aarte moossen. Si hunn awer dee selwechten 3-zielegen Opbau: déi 3 baussenzeg Bléieblieder si meeschtens gläichaarteg, dat Mëttelst vun deenen dräi bannenzege Bléieblieder ass vergréissert a bilt déi oft opfälleg geformte Lëps. An der Knosp steet déi Lëps nach uewen, ma d'Bléi dréit sech ëm 180°, sou dass si dann no ënnen a no vir geriicht ass.

Aner typesch Mierkmoler vun den Orchideeë sinn déi riicht, onverzweigt Wuessform, déi ongedeelt längelzeg oder oval Blieder mat parallelle Blatnerven an déi ënnerierdesch Späicherorganer, entweder eng Koppel vu Wuerzelknollen oder wéineg verzweigte Rhizomer.

D'Stëbsblieder bilden zesumme mat dem Griffel eng Sail an d'Polle sinn zu Pollinie verklompt, déi vun de Bestëbser als Ganzt verbreet ginn. Orchideeë bilde Kapsele mat ganz vil mikroskopesch klengem Som ouni Närgeweebe, dee fir ze kéngen op Mykorrhiza-Pilzen ugewisen ass.





Bléi zygomorph = nëmmen eng eenzeg Symetrieachs

Bléi 3-zieleg = 3 baussenzeg an 3 bannenzeg Bléieblieder

Drëtt Krounblat opfälleg zu enger Lëps vergréissert, spezifesch geformt a gefierft, oft mat engem Nektarorgan

# RCHIDEE

Blieder ongedeelt, längelzeg lanzettleg bis spatz oval

Blatnerve parallel, net verzweigt




Bléien ëm 180° gedréit (resupinéiert): d'Lëps, déi eigentlech uewe steet kënnt no ënnen an no vir stoen






# TYPËSCH




Pollen zu Pollinie verpecht: de ganze Polle gëtt an enger Kéier matenee verdeelt

Eng Koppel Wuerzelknollen oder fleescheg, méi oder manner verzweigte Wuerzelstäck (Rhizomen) als Späicherorganer; aus der enger Knoll entwéckelt sech am Fréihjoer de Bléiendriww, déi aner späichert Reserve fir dat nächst Joer a Form vu Stäeerkt.






# ORCHIDEE



Liewensgemeinschaft mat Mykorrhiza-Pilzen: d’Myzelfiedem vun de Pilzen wuessen an de Som an an d‘Wuerzele vun den Orchideeën eran; dës kritt vum Pilz Närstoffer, déi si net selwer bilde kann.



Som mikroskopësch kleng, ouni Närgeweebe



**An der Rouder Lëscht vun de Gefässplanze vu Lëtzebuerg sinn d'Orchideeën a folgende Kategorië klasséiert fir hire Gefärdungsstatut anzeschätzen (no IUCN).**

- an eisem Land ausgestuerwen **RE**
- staark gefärdet a vum Ausstierwe bedrot **CR**
- gefärdet **EN**
- bedrot **VU**
- just net bedrot **NT**
- net bedrot **LC**

# Plécke verbueden!

Zu Lëtzebuerg sinn all Orchideeë geschützt. Si däerfe weder gepléckt nach zerstéiert oder soss geschiedegt ginn. Fir dass d'Aarten op Dauer iwwerliewe kennen, geet dat awer net duer. Och déi passend Liewensraim mussen erhale bleiwen.

Dréchewues, närstoffaarm Fiichtwisen an aner moer Opelandstanduerter weisen e grousse Räichtum un Aarte mat vill spezialiséierten Déieren a Planzen (wéi z.B. Orchideeën). Déi gréisst Gefor fir des wäertvoll Liewensraim si feelend oder net genuch Notzung oder Fleeg, déi direkt Zerstéierung duerch Düngen a méi heefegt Méien an den Närstoffantrag vun ugrenzenden intensiv genotzte Flächen. Vill Gebidder léien haut isoléiert a fragmentéiert an hu wéineg Fläch, sou dass de geneteschen Austausch tëschent de Standuerter feelt a vill kleng Reschtpopulatioune laangfristeg nëmme wéineg Iwwerliewenschancen hunn.

Vill Standuerter vun Orchideeë leien an Naturschutzgebidder oder a geschützte Liewensraim. D'Fläche mussen awer reegelméisseg gefleegt gi fir dass d'Orchideeën op Dauer erhale bleiwen. Dës Fleeg gëtt vun de Gemengesyndikater fir Naturschutz, de Biologesche Statiounen, der Naturverwaltung mat de Revéierfierschter a vu privaten Naturschutzorganisatioune geleescht.

# ORCHIDEEËVIRKOMMEN

## AM BËSCH (FOR)


Bëschdichte

no 2005

vir 2005

**ARTEN:**

*Cephalanthera damasonium, C. longifolia, C. rubra, Cypripedium calceolus, Epipactis helleborine, E. leptochila, E. neglecta, E. microphylla, E.muelleri, E.purpurata, Epipogium aphyllum, Goodyera repens, Limodorum abortivum, Neottia nidus-avis, N. ovata, Platanthera bifolia, P. chlorantha*





# Liewen am Bësch

Verschidden Orchideeënaarten si perfekt un d'Liewen am däischtere Bësch ugepasst. Déi gréisste Vilfalt fënnt sech op Lichtungen a laanscht d'Bëschränner, wou méi Luucht hikënnt. Orchideeë kommen zu Lëtzebuerg an dëse Bëschtype fir:

- Biche bilden op dem Lëtzebuerger Sandsteen naturno Halebëscher, op deenen hire Lichtunge sech eng räich Krautschicht entwéckelt.
- Op Kallekbiedem, wéi iwwer dem Muschelkallek an der Muselgéigend oder iwwer dem Dogger an der Minett am Süde vu Lëtzebuerg, steet de Kallek-Bichebësch.
- Den aarteräichen Eechen-Houbichebësch entwéckelt sech op méi leemege Biedem, do wou et fir d'Bich ze naass oder ze dréche gëtt.
- Op e puer no Süden ausgeriichten Häng fënnt ee méi e lichten Dréchebësch mat Eechen, deen et gär méi waarm huet.
- Natierlech Nolenholzbëscher kommen zu Lëtzebuerg net vir. Fiichten a Kifere goufen awer op ville Plazen ugeplanzt.






photo : Sebastian Brandt

# Grousst Zweeblat

*Neottia ovata*

**DE: Großes Zweiblatt**

**FR: grande listère**

**EN: common twayblade**

**VI-VII**

CR EN VU NT LC

Dat Grousst Zweeblat ass liicht u sengen zwee groussen, bal géigestännege Blieder ze erkennen. Eng Sträif un der Lëps vun den onscheinbare Bléie scheet räichlech Nektar of a lackelt domat Insekten un. Un de Pollepäck quëllt scho bei liichter Beréierung eng kleng Dröps Läim eraus, déi an Zäit vu Sekonnen de Pollepak um Insektekapp upecht. D'Grousst Zweeblat ass am Guttland ganz heefeg a wiisst a fiichte Bëscher an op kallekhaltegem Dréchewues.



photo : Jean-Marie Mangen






photo : Eric Threinen

# Vullennascht-Zweeblat

*Neottia nidus-avis*

**DE: Vogel-Nestwurz**

**FR: néottie nid-d'oiseau**

**EN: bird's-nest orchid**

**VI-VII**


CR EN VU NT LC

D'Vullennascht-Zweeblat verdankt säin Numm senge Wuerzelen, déi wéi bei engem Vullennascht anenee verflecht sinn. Des Orchidee erniert sech nëmmen iwwert déi ënnerierdesch Fiedem vun hirem Pilzpartner an ass onofhängeg vum Liicht. Si bilt bal kee Blatgréng an erschéngt dofir brongelzeg. Si wiisst virun allem a schiedege Laf- an Nolebëscher am Guttland.



photo : Jean-Marie Mangen



# Ouniblat-Geeschterorchidee

*Epipogium aphyllum*

**DE: Blattloser Widerbart**

**FR: épipogon sans feuilles**

**EN: ghost orchid**

VI-VIII

CR EN VU NT LC

Och d'Ouniblat-Geeschterorchidee gesäit gielzeg-brong aus, well si guer kee Blatgréng bilt an sech nëmmen iwwert hir Pilzpartner erniert. Just onreegelméisseg, a Jore mat vill Reen, béi héijer Loftfiichtegkeet a Wäermt sinn d'Bléi vun der Geeschterorchidee am Juli fir e puer Deeg ze gesinn. De Rescht vun der Zäit lieft des Aart ënnerierdesch, verstoppt am fiichte Mulch vun ale Bichebëscher. Dat eenzegt aktuell bekannt Virkommen vun der Ouniblat-Geeschterorchidee am ganze Benelux ass an engem Hang-Bichebësch bei Walfer.


photo : Jim Meisch






photo : Eric Threinen

# Mof Linodore

*Limodorum abortivum*

**DE: Violetter Dingel**

**FR: limodore violette**

**EN: violet limodore**

V-VI

**RE** CR EN VU NT LC

Di Mof Limodore bilt keng gréng Blieder. Seng Bléie ginn nëmme seele ganz op, d'Befruchtung geschitt dacks andeems si sech selwer bestëbst. Déi Orchidee koum am 19. Joerhonnert zu Lëtzebuerg op méi Plaze vir, ënner anerem ronderëm d'Haaptstad an tëscht Gréiwemaacher an Iechternach. De leschte bekannten Nowäis war 1965 op der Hoelt bei Rouspert.



photo : Jean-Marie Mangen






photo : Eric Threinen

# Giel Venusschlapp

*Cypripedium calceolus*

**DE: Frauenschuh**

**FR: sabot-de-Vénus**

**EN: yellow lady's slipper orchid**

V-VI

RE CR EN VU NT LC

Déi liichtend giel kesselfërmeg Lëps vun der Venusschlapp lackelt Insekten un, déi un de glate Wänn keen Halt fannen an an d'Fal rutschen. Deen eenzege Wee an d'Fräiheet féiert duerch en enke Schloff, laanscht d'Stëbsblieder an d'Narb, woubäi d'Bléi bestëbst gëtt. D'Giel Venusschlapp wiisst a lichte Laf- a Mëschbëscher op närstoffaarme Kallekbiedem. Zu Lëtzebuerg koum si an de Bëscher ëm Gréiwemaacher vir, gouf awer zanter 1957 net méi gesinn.



photo : Guy Conrady






photo : Sebastian Brandt

# Wäiss Kräizblumm

*Platanthera bifolia*

**DE: Weiße Waldhyazinthe**

**FR: platanthère à deux feuilles**

**EN: lesser butterfly-orchid**

VI-VII

CR EN VU NT LC

D'Kräizblumme lackele mat séissem Doft nuetsaktiv Päiperleken un. Hire laange Spuer ass typesch fir Orchideeën, déi vu Päiperleke bestëbst ginn. D'Pollepäck vun der Wäisser Kräizblumm sti parallel an no beienee virun der Entrée an de Spuer. Si bleiwen un de laange Rüssele vun de Schwäermer pechen. Des Aart kennt a lichte Bëscher, op moren an op fiichte Wisen, souwuel am Éislek wéi och am Guttland vir.



photo : Guy Conrady






photo : Sebastian Brandt

# Gréngelzeg Kräizblumm

*Platanthera chlorantha*

**DE: Grünliche Waldhyazinthe**

**FR: platanthère à fleurs verdâtres**

**EN: greater butterfly-orchid**


V-VII

CR EN VU NT LC

Déi zwou heemesch Kräizblummenaarte sinn u verschidde Päiperleksfamilljen ugepasst. Di Gréngelzeg Kräizblumm pecht hir Pollepäck, déi an engem breede Wénkel ausernee sti virun allem Eilepäiperleken op hir Netzaen. Si wiisst a lichte Bëscher, um Bëschrand an op Kallekdréchewues, virun allem am Guttland.



photo : Guy Conrady



# Bleeche Bëschvillchen

*Cephalanthera damasonium*

**DE: Bleiches Waldvögelein**

**FR: céphalanthère à grandes fleurs**

**EN: white helleborine**



photo : Eric Threinen

V-VI

CR EN VU NT **LC**


Bëschaarte wéi de Bleeche Bëschvillche kënne mat Hëllef vun de Pilzfiedem an hire Wuerzelzellen a Liewensraim mat nëmme ganz wéineg Liicht wuessen. De Bleeche Bëschvillche kënnt heefeg op Kallekbiedem a lichte Laf- an Nolebëscher am Guttland vir.



photo : Guy Conrady



photo : Eric Threinen



# Laangbliederege Bëschvillchen

*Cephalanthera longifolia*

**DE: Schwertblättriges Waldvögelein**

**FR: céphalanthère à feuilles en épée**

**EN: sword-leaved helleborine**


V-VII

CR EN VU NT LC

De Laangbliederege Bëschvillche gläicht dem Bleeche Bëschvillchen, ënnerscheet sech awer duerch seng laang schmuel Blieder. Well en net sou staark u Kallekbiedem gebonnen ass, fënnt een e souwuel am Guttland wéi och am Éislek a Laf- oder Nolebëscher.



photo : Guy Conrady



# Roude Bëschvillchen

*Cephalanthera rubra*

**DE: Rotes Waldvögelein**

**FR: céphalanthère rose**

**EN: red helleborine**



photo : Eric Threinen

VI-VII

CR EN VU NT LC

Di grouss Bléie vum Roude Bëschvillchen erënnere mat hire spatze Bléieblieder un d'Silhouette vun engem Villchen dee flitt, dohier och den Numm. Dës typesch Orchidee vu kallekräiche lichte Bëscher fënnt ee mëttlerweil just nach an de Gebidder vun de fréiere Minièren am Süde vu Lëtzebuerg.





photo : Guy Conrady



# Breetbliedereg Harespelorchidee

*Epipactis helleborine*

**DE: Breitblättrige Stendelwurz, Sitter**

**FR: épipactis à larges feuilles**

**EN: broad-leaved helleborine**

(VI)VII-IX

CR EN VU NT LC



photo : Eric Threinen

D'Breetbliedereg Harespelorchidee ass déi heefegst Harespelorchideeën-Aart zu Lëtzebuerg. Si huet grouss gréng Blieder a wiisst virun allem duerch hir Photosynthese. Si kënnt souwuel a lichte Laf- an Nolebëscher a laanscht deenen hire Rand vir, wéi och am Oppeland an op Dréchewues.



photo : Guy Conrady






photo : Eric Threinen

# Müller-Harespelorchidee

*Epipactis muelleri*

**DE: Müllers Stendelwurz**

**FR: épipactis de Müller**

**EN: Mueller's helleborine**

VII


CR **EN** VU NT LC

Bei de Bléie vun der Müller-Harespelorchidee feelen d'Läimkierper an hir Pollepäck zerfale scho kuerz nom Opbléien. Dëst deit op eng Upassung vun de Bléie fir sech selwer ze bestëbsen hin, obschonns et nach Nektar an de Bléie gëtt. Dës Aart kënnt am Guttland op kallekhaltege Standuerter op Lichtungen an um Rand vu Bëscher vir.



photo : Fernand Lommer



# Roudelzeg Harespelorchidee

*Epipactis purpurata*

**DE: Violetter Sitter, Violette Stendelwurz**

**FR: épipactis pourpre**

**EN: violet helleborine**

VIII-IX


CR **EN** VU NT LC

D'Roudelzeg Harespelorchidee ënnerscheet sech un aneren Harespelorchideeën duerch déi violett iwwerlaf Stiller a Blieder. Si ass eng vun den Harespelorchideeën, déi eng enk Verbindung mat Mykorhiza-Pilzen ageet. Si wiisst a schiedege Lafbëscher am südwestleche Guttland.


photo : Fernand Lommer



photo : Eric Threinen



# Schmuellëpseg Harespelorchidee

*Epipactis leptochila*

**DE: Schmallippige Stendelwurz, Sitter**

**FR: épipactis à lèvres étroites**

**EN: narrow-lipped helleborine**

VII-VIII

CR EN VU NT LC


D'Schmuellëpseg Harespelorchidee läit a Blatform a Liewensweis tëschent den Harespelorchideeën-Aarten, déi staark op d'Versuergung duerch Mykorhiza-Pilzen ugewise sinn an deenen Aarten, déi haaptsächlech duerch eege Photosynthes wuessen. Si kennt op kallekräiche Standuerter an a schiedege Bichebëscher vir.



photo : Fernand Lommer



photo : Eric Threinen



# Klengbliedereg Harespelorchidee

*Epipactis microphylla*

**DE: Kleinblättrige Stendelwurz**

**FR: épipactis à petites feuilles**

**EN: small-leaved helleborine**

VII


CR EN VU NT LC

D'Klengbliedereg Harespelorchidee bilt nëmme reduzéiert, schmuel Lafblieder aus an ass op d'Versuergung duerch hir Mykorhiza-Pilzen ugewisen. Dës kleng a reng Aart wiisst a schiedege kallekräiche Bichebëscher an op fräie Plaze wéi Bëschweeër. Si ass zu Lëtzebuerg ganz seelen.



photo : Fernand Lommer



# Krauchend Netzblat

*Goodyera repens*

**DE: Kriechendes Netzblatt**

**FR: goodyère**

**EN: creeping lady's-tresses dwarf-rattlesnake plantain**

**VII-VIII**

CR EN VU NT LC

D'Krauchend Netzblat ass déi eenzeg Orchidee zu Lëtzebuerg, déi ëmmergréng Blieder mat vernetze Blatodere bilt. Et wiisst an närstoffaarme Kiferebëscher, do wou ze vill Närstoffer sinn, gëtt et séier vu Grieser iwwerwuess a stierft of. D'Krauchend Netzblat staamt ursprénglech aus méi kale Géigenden oder aus de Bierger an huet sech ugangs vum 20. Joerhonnert mat Kifereplanzunge verdeelt.


photo : Fernand Lommer

# ORCHIDEEËVIRKOMMEN

## OP DRÉCHEWUES (DRY)

Schiefergestein — unterer Lias

Bundsandstein — mittlerer Lias


Muschelkalk — oberer Lias

Keuper — Minette

nach 2005 — vor 2005

**AARTEN:**


*Anacamptis morio, A. pyramidalis, Epipactis atrorubens, Gymnadenia conopsea, G. odoratissima, Herminium monorchis, Himantoglossum hircinum, Neotinea tridentata, N. ustulata, Ophrys apifera, O. holosericea, O. insectifera, O. sphegodes, Orchis anthropophora, O. mascula, O. militaris, O. purpurea, O. simia*



# Iwerliewe bei Dréchent an Hëtzt

**Vill Orchideeë stamen urspréngléch aus dem Mëttelmierraum a kennen déi extrem Standuerter op Dréchewues, mat ganz wéineg Närstoffer, Waassermangel am Summer a staarken Temperaturschwankunge besidelen. Zu Lëtzebuerg kommen Orchideeën op dësen Zorte vun Dréchewues vir:**

- Um Gebitt vun de fréieren Aerzofbau-Fläche sinn am Laf vun de leschte fofzeg Joer op den Dogger a Minette-Schichte sekundär aarteräich Kallek-Dréchewuess Standuerter entstan.
- Op Keuper-Dréchewues fënnt een déi aarteräichst Orchideeën-Standuerter. Si hunn sech virun allem op den Häng a Koppe vun der Keuperlandschaft gebilt.
- Dréchewues op Muschelkallek fënnt een um Südostrand vum Éislek an am Museldall. Am Éislek hunn sech op den no Süden ausgeriichten Häng vum Devonschifer Silikatmoerwise gebilt.



# Donkelrout Harespelorchidee

*Epipactis atrorubens*

**DE: Braunrote Stendelwurz**

**FR: épipactis pourpre noirâtre, épipactis brun rouge**

**EN: dark-red helleborine, royal helleborine**



photo : Eric Threinen


VI-VII

CR EN **VU** NT LC

Déi donkelrout Harespelorchidee lackelt hir Bestëbser mam Vanillsdoft vun hire Bléien un. Si wiisst op opgeschottem närstoffaarme Gestengs wéi Strooseböschungen an a lichte Bëscher mat kallekhaltegem Buedem. Zu Lëtzebuerg kënnt déi donkelrout Harespelorchidee am Guttland besonnesch an de fréieren Dagebau-Gebidder am Süde vir.



photo : Guy Conrady



# Bock-Rimmerzong

*Himantoglossum hircinum*



photo : Eric Threinen

**DE: Bocks-Riemenzunge**

**FR: orchis bouc**

**EN: lizard orchid**


**V-VII**

CR EN VU NT **LC**

Mat hiren extrem verlängerte Bléieläpsen déi u Rimmer erënneren an hirem séisselzeg strenge Geroch no Geess ass déi stramm Bock-Rimmerzong eng vun den opfällegsten Orchideeë vu Lëtzebuerg. De Klimawandel vun de leschten dräi Joerzéngte mat ëmmer méi waarme Summertemperaturen a mëlle fiichte Wantere schéngt d'Ausbreedung vun dëser Aart aus Südwesteuropa ze begënschtegen.



photo : Jean-Marie Mangen



# Pyramiden-Hondswuerzel

*Anacamptis pyramidalis*

**DE: Pyramiden-Spitzorchis, Pyramiden-Hundswurz**

**FR: épipactis pourpre noirâtre, épipactis brun rouge**

**EN: dark-red helleborine, royal helleborine**

V-VIII

CR EN VU NT **LC**




photo : Sebastian Brandt

An de Bléie vun der Pyramiden-Hondswuerzel gëtt et trotz der knalleger Faarf an dem laange Spuer fir d'Bestëbser keen Nektar ze huelen. D'Aart ass frou mat Kallek a kennt op sonnege Moerwisen an op Dréchewues vir. Si huet seech an de leschte Joerzéngten zu Lëtzebuerg staark ausgebreet, ganz besonnesch an de fréieren Dagebau-Gebidder am Süden. Déi opfälleg Aart besidelt och gär opgeschotte Stroosseböschungen.



photo : Guy Conrady



photo : Eric Threinen



# Boken-Hondswuerzel

*Anacamptis morio*

**DE: Kleiner Narr, Kleines Knabenkraut**

**FR: orchis bouffon**

**EN: green-winged orchid**

**V-VI**

**CR EN VU NT LC**


D'Boken-Hondswuerzel huet hiren Numm wéinst sengem violett mat gréng gefierfte Bléienhelm, deen un e Bok erënnert. Nach bis Ufanks vum 20. Joerhonnert war d'Boken-Hondswuerzel op moren Dréchewisen zu Lëtzebuerg heefeg. Wéinst der verstäerkter Düngung an dem Verschwanne vun der traditioneller Beweedung mat Schof ass d'Aart haut vum Ausstierwe bedreet.



photo : Guy Conrady



photo : Eric Threinen



# Dräizänn-Bouwekraut

*Neotinea tridentata*

**DE: Dreizähniges Knabenkraut**

**FR: orchis tridenté**


**EN: three-toothed orchid**


IV-VI

RE CR EN VU NT LC

D'Dräizänn-Bouwekraut verdankt säin Numm der Bléi mat engem Helm deen an dräi spatz Zänn ausleeft. Et wiisst op exponéiertem, ganz nidderegem Dréchewues op Kallekbiedem. Zu Lëtzebuerg ass et ausgestuerwen.


photo : Sebastian Brandt



# Gesengt-Bouwekraut

*Neotinea ustulata*

**DE: Brand-Knabenkraut**

**FR: orchis brûlé**

**EN: burnt orchid**

V-VI

**RE** CR EN VU NT LC


De Bléiestand vum Gesengte Bouwekraut wierkt mat senge schwaarzbronge Knospe wéi gesengt. Och des Aart vum sonnege kallekhaltegen Dréchewues ass haut zu Lëtzebuerg ausgestuerwen. Si kennt awer nach no un der Grenz um Orchideeëpad tëscht Mertert a Konz vir.



photo : Jean-Marie Mangen



photo : Eric Threinen



# Hierlenner-Fangerwuerzel

*Dactylorhiza sambucina*

**DE: Holunder-Kuckucksblume**

**FR: orchis sureau**

**EN: elder-flowered orchid**

**IV-VII**

**RE** CR EN VU NT LC

D'Hielenner-Fangerwuerzel krut hiren Numm wéinst dem hielenneränlechen Doft vun hire Bléien. An eise Géigende kënnt nëmmen déi giel Faarfvariant vir, méi südlech fënnt een des och zesumme mat der rouder Faarfvariant an enger selwechter Populatioun. D'Hielenner-Fangerwuerzel wiisst op sauere Biedem an dréchenen a frësche Wisen a Moerwisen, ass awer zu Lëtzebuerg scho laang ausgestuerwen.



photo : Jean-Marie Mangen






photo : Eric Threinen

# Beien-Aperhoerorchidee

*Ophrys apifera*

**DE: Bienen-Ragwurz**

**FR: ophrys abeille**

**EN: bee orchid**


V-VI

CR EN VU NT **LC**

D'Bléie vun der Beien-Aperhoerorchidee imitéieren, wéi bei den Aperhoerorchideeën üblech, d'Ausgesi vu bestëmmten Insekten, déi si als Bestëbser ulackelen. Wann sech d'Pollinien a Richtung Narb béien, kann d'Beien-Aperhoerorchidee sech awer och selwer, ouni Insektebesuch, bestëbsen. Bei eis ass dat d'Reegel. Si wiisst op dréchenem waarme Kallekdréchewues am Guttland.



photo : Simone Schneider






photo : Eric Threinen

# Bommelen-Aperhoerorchidee

*Ophrys holosericea*

**DE: Hummel-Ragwurz**

**FR: ophrys bourdon**

**EN: late spider orchid**


V-VI

CR EN VU **NT** LC

D'Bléie vun der Bommelen-Aperhoerorchidee kënnen a Faarf a Form ganz variabel sinn an och Kielechblieder a verschiddene Faarwe sinn net seelen. D'Bommelen-Aperhoerorchidee wiisst op Kallekdréchewues am südlechen an ëstlechen Deel vum Land.



photo : Jean-Marie Mangen



# Mécken-Aperhoerorchidee

*Ophrys insectifera*

**DE: Fliegen-Ragwurz**

**FR: ophrys mouche**

**EN: fly orchid**

V-VI

CR EN VU **NT** LC



photo : Eric Threinen

D'Bléi vun der Mécken-Aperhoerorchidee imitéiert keng Méck, mee si täuscht déi männlech Aperhoerorchideeën-Zikadenharespele mat hirem Doft, deen dës iwwert Kilometere riche kënnen. Souguer d'Ausriichtung vun den Hoer op der Bléi entsprécht der vun engem Harespelsweibchen. D'Mécken-Aperhoerorchidee kënnt op dréchenem waarme Kallekdréchewues am Guttland vir.


photo : Jean-Marie Mangen






photo : Eric Threinen

# Spannen-Aperhoerorchidee

*Ophrys sphegodes*

**DE: Große Spinnen-Ragwurz**

**FR: ophrys araignée**

**EN: early spider-orchid**

IV-VI

CR EN VU NT LC


D'Lëps vun der Spannen-Aperhoerorchidee gläicht fir eis staark enger Spann, bestëbst ginn des Bléien awer vu Sandbeien. D'Spannen-Aperhoerorchidee kennt op dréchenem, sonnege Kallekdréchewues vir an ass di seelenst Aperhoerorchidee zu Lëtzebuerg.



photo : Yves Krippel



photo : Eric Threinen



# Mécken-Handwuerzel

*Gymnadenia conopsea*

**DE: Mücken-Händelwurz**

**FR: ophrys bourdon**

**EN: late spider orchid**

VI-VIII

CR EN VU NT LC

Gréisser Bestänn vun der Mécken-Handwuerzel bleiwe virun allem wéinst hirem wonnerbaren Doft an Erënnerung. Eng Mëschung aus Neelcheskapp a Vanill lackelt divers Insekte bei déi rosa-violett Bléiestänn. Awer nëmmen déi deenen hir Rüssele laang genuch sinn, kommen un den Nektar an deem enke Spuer. Déi schlank Mécken-Handwuerzel fënnt een zu Lëtzebuerg op Kallekdréchewues zimmlech heefeg.



photo : Guy Conrady






photo : Eric Threinen

# Dofteg Handwurzel

*Gymnadenia odoratissima*

**DE: Wohlriechende Händelwurz**

**FR: gymnadénie odorante**

**EN: short-spurred fragrant orchid**

**VI-VII**

**RE** CR EN VU NT LC

Déi Dofteg Handwuerzel ass méi reng an duerch hire méi kuerze Spuer vun der Mécken-Handwuerzel ze ënnerscheeden. Hir Bléie richen no Neelcheskapp. Zu Lëtzebuerg gouf et déi Aart op Kallekdréchewues, si gëllt awer mëttlerweil als ausgestuerwen.


photo : Fernand Lommer






photo : Eric Threinen

# Gaalgemännche-Bouwekraut

*Orchis anthropophora*

**DE: Hängende Männchen**

**FR: orchis homme-pendu**


**EN: man orchid**

V-VII

CR EN VU **NT** LC

D'Bléielëpse vum Gaalgemännche-Bouwekraut erënneren un kleng mënschlech Silhouetten. Op Däitsch heescht si och nach "Ohnsporn" well d'Bléie kee Spuer hunn.Trotzdeem fannen d'Insekten an de Bléie räichlech Nektar. D'Gaalgemännche-Bouwekraut kënnt op sonnegem Kallekdréchewues am Guttland vir.


photo : Guy Conrady






# Maans-Bouwekraut

*Orchis mascula*

**DE: Stattliches Knabenkraut, Männliches Knabenkraut**

**FR: orchis mâle**

**EN: early-purple orchid**


V-VI

CR EN VU NT LC

D'Nektar-Täuschbléie vum Maans-Bouwekraut bilde keen Nektar, si maachen awer a Faarf a Form d'Bléie vun aneren Nektarplanzen, déi zur selwechter Zäit bléien, no fir Bestëbser-Insekten unzelackelen. Dat ass eng wäit verbreeten a ganz erfollegräich Strategie vun den Orchideeë fir bestëbst ze ginn. D'Maans-Bouwekraut wiisst a Moerwisen an um Bëschrand an ass am ganze Land zimmlech verbreet.



photo : Guy Conrady



# Zaldote-Bouwekraut

*Orchis militaris*

**DE: Helm-Knabenkraut**

**FR: orchis militaire**

**EN: military orchid**

V-VI


CR EN VU **NT** LC




D'Zaldote-Bouwekraut verdankt säin Numm der Form vu senge Bléieblieder, déi zum Deel matenee verwuesse sinn an dofir wéi en Helm ausgesinn. Et wiisst op Kallekdréchewues an a lichte Bëscher am Guttland.



photo : Guy Conrady



# Purpurrout Bouwekraut

*Orchis purpurea*

**DE: Purpur-Knabenkraut**

**FR: orchis pourpre**

**EN: lady orchid**

**V-VI**

CR EN VU NT LC




photo : Eric Threinen

Déi baussenzeg Bléieblieder vum Purpurroude Bouwekraut si purpurrout gefierft a ginn de Bléien hiert typescht zweefaarwegt Ausgesinn. Des Aart ass op kallekhaltegem Dréchewuess am Guttland zimmlech heefeg.



photo : Jean-Marie Mangen



# Afe-Bouwekraut

*Orchis simia*

**DE: Affen-Knabenkraut**

**FR: orchis singe**

**EN: monkey orchid**

V-VI

CR EN VU NT LC




photo : Eric Threinen

D'Bléieleps vum Afe-Bouwekraut erënnert mat hire véier laange Glidder un een Af. Des Aart huet als ausgestuerwe gegollt, gouf awer rezent erëm gesinn. Si kennt op sonnegen Häng a lichtem Gesträich op kallekhaltege Biedem am Guttland vir.



photo : Jean-Marie Mangen



# Eenzelknoll-Hunnegorchidee

*Herminium monorchis*



photo : Eric Threinen

**DE: Einknollige Honigorchis**

**FR: orchis musc**

**EN: musk orchid**

**VI-VII**


**RE** CR EN VU NT LC

D'Eenzelknoll-Hunnegorchidee verdankt hiren Numm der eenzeger Knoll, déi si als Späicherorgan huet. Dës gëtt eréischt no der Bléi um Enn vun ënnerierdeschen Ausleefer gebilt an net wéi bei den Aarte vun der Gattung Orchis nieft der aler Knoll. Wéi vill aner Orchideeë vun den närstoffaarmen naasse Wisen ass och d'Eenzelknoll-Hunnegorchidee säit laangem zu Lëtzebuerg ausgestuerwen.


photo : Karel Kreutz

# ORCHIDEEËVIRKOMMEN

## A FIICHTEN A MOERE WISEN (MAR)



Hydrographisches Netz

no 2005

vir 2005

**ARTEN:**

*Dactylorhiza viridis, D. fuchsii,*
*D. incarnata, D.maculata, D. majalis,*
*D. praetermissa, D. sambucina*
*Epipactis palustris, Anacamptis coriophora,*
*A. palustris, Gymnadenia albida*

ORCHIDEEËSTANDUERTER A FIICHTEN A MOERE WISEN

# Orchideeën oder Dünger

**Eis strukturräich Kulturlandschaft bitt mat hire ganz ënnerschiddleche Gréngland-Liewensraim villen Déieren- a Planzenaarten eng Plaz an ass duerch traditionell Bewirtschaftungsformen entstan. An Zäite vun der industrieller Landwirtschaft sinn dat traditionellt Méie fir Hee an déi reegelméisseg Beweedung vun ertragsaarme Gréngland genau sou wéi de kléngdeelegen Akerbau um Verschwannen. Besonnesch duerch déi mineralesch Düngung ass de Bestand vun deene villfältege Liewensraim mat hiren typeschen Aarte staark bedréit.**

- Staunaass Fiichtwisen entsti virun allem am Guttland iwwer onduerchlässege Biedem mat engem héije Leem-Undeel, wou d'Waasser net a méi déif Buedemschichte ka versickeren.

- Am Éislek fannen sech Fiichtwise laanscht déi kleng Baachen an den Däller oder bei Quellen am Hank. Déi sauer, mineralaarm Biedem enthale manner Leem a si méi duerchlässeg wéi am Guttland.

- Moer Wisen op närstoffaarme Biedem hunn nëmme bei traditioneller Hee-Notzung Bestand. Si gehéieren aktuell zu den am meeschte bedreete Liewensraim zu Lëtzebuerg.





# Gréng Fangerwuerzel

*Dactylorhiza viridis*

**DE: Grüne Hohlzunge, Grüne Fingerwurz**

**FR: orchis grenouille**

**EN: frog orchid**

**VI-VII**

**CR** **EN** **VU** **NT** **LC**

A Wisen, déi wéinst feelender oder net gëeegenter Notzung verfilzen a verbusche gëtt déi konkurrenzschwaach Gréng Fangerwuerzel séier verdrängt. Zu Lëtzebuerg koum si nëmmen op ganz kuerze more Wisen, op Dréchewues an a lichte Bëscher vir. Et kann een si just nach op engem Standuert am Südweste vum Land fannen.



photo : Shutterstock






photo : Sebastian Brandt

# Suppen-Harespelorchidee

*Epipactis palustris*

**DE: Sumpfsitter, Sumpf-Stendelwurz**

**FR: épipactis des marais**

**EN: marsh helleborine**

**VI-VIII**

CR **EN** VU NT LC


D'Bléie vun der Suppen-Harespelorchidee hu vill Nektar, mat deem si eng Abberzuel vu Bestëbser ulackelen. Hire Som ass am Verglach mat aneren Orchideeën-Aarte grouss a verbreet sech gutt, well en um Waasser schwëmmt. D'Suppen-Harespelorchidee wiisst a suppege Wisen an a Moueren. Et gëtt nëmmen nach ganz e puer rezent Virkommen, besonnesch laanscht d'Westgrenz vu Lëtzebuerg.



photo : Simone Schneider



photo : Karel Kreutz



# Wanzen-Hondswuerzel

*Anacamptis coriophora*

**DE: Wanzen-Knabenkraut**

**FR: orchis punaise**

**EN: bug orchid**

**VI-VII**

**RE** CR EN VU NT LC

D'Wanzen-Hondswuerzel krut hiren Numm wéinst deem desagreabele Geroch no Wanzen. Et konnt een si am 19. Joerhonnert a more kallekräiche Fiichtwisen "zimmlech heefeg" fannen. Leider gelt si mëttlerweil scho laang als ausgestuerwen.



photo : Karel Kreutz



# Suppen-Hondswuerzel

*Anacamptis palustris*

**DE: Sumpf-Hundswurz**

**FR: orchis des marais**

**EN: bog orchid**



photo : Eric Threinen

V-VII

RE CR EN VU NT LC


Zwee Beleeger am Herbier vum Musée bezeien d'Virkomme vun dëser Aart zu Lëtzebuerg um Enn vum 19. Joerhonnert. Ofgesinn dovun si keng weider Virkomme vun der Suppen-Hondswuerzel zu Lëtzebuerg dokumentéiert. Si ass virun allem a Südost-Europa verbreet, kënnt zerstreet a Frankräich an op e puer Plazen an der Pfalz vir.



photo : Karel Kreutz



photo : Eric Threinen



# Breetbliedereg Fangerwuerzel

*Dactylorhiza majalis*

**DE: Breitblättrige Kuckucksblume, Breitblättrige Fingerwurz**

**FR: dactylorhize à larges feuilles**

**EN: broad-leaved marsh orchid**

V-VI

CR EN VU NT LC

D'Bléie vun der Breetbliedereger Fangerwuerzel kënnen, sou wéi bei anere Fangerwuerzel-Aarten och, ganz variabel sinn. Déi Breetbliedereg Fangerwuerzel kann een an närstoffaarmen, fiichte bis suppege Wisen am ganze Land fannen. Do wou si nach wiisst, bilt si dacks zimmlech grouss Populatiounen.



photo : Guy Conrady






photo : Eric Threinen

# Gefleckt Fangerwuerzel

*Dactylorhiza maculata*

**DE: Gefleckte Fingerwurz, Geflecktes Knabenkraut**

**FR: dactylorhize tacheté**

**EN: moorland spooted orchid**


**VI-VII**

**CR EN VU NT LC**

Déi Gefleckt Fangerwuerzel kann sech mat anere Fangerwuerzel-Aarten, déi no Famill sinn, kräizen an Hybride bilden. Si kënnt op fiichte Wisen a Lichtungen am Bësch mat sauerem bis neutrale Buedem besonnesch am Éislek awer och am Guttland fir.



photo : Guy Conrady






# Fuchs-Fangerwuerzel

*Dactylorhiza fuchsii*

**DE: Fuchs-Kuckucksblume**

**FR: dactylorhize de Fuchs**

**EN: Fuchs-marsh orchid, common spotted orchid**

VI-VII

CR EN **VU** NT LC

D'Fuchs-Fangerwuerzel gläicht der Gefleckter Fangerwuerzel ganz vill, ënnerscheet sech awer duerch d'Form an d'Zeechnung vun der Lëps. Och wiisst si net op saueren, ma op kallekhaltege Biedem a fiichte bis dréchene Wisen, a lichte Bëscher a Bëschränner besonnesch am Guttland vir.


photo : Guy Conrady



photo : Eric Threinen



# Fleeschrout Fangerwuerzel

*Dactylorhiza incarnata*

**DE: Fleischfarbene Kuckucksblume, Fleischfarbener Fingerwurz**

**FR: orchis incarnat**

**EN: early marsh orchid**

**V-VI**


CR EN VU NT LC

D'Mierkmoler vun der Fleeschrouder Fangerwuerzel kënne ganz villfälteg sinn. Et kann een si awer um ieweschte Lafblat erkennen, dat am Ufank vun der Bléi iwwer de Bléiestand kann erausstoen. Di Fleeschrout Fangerwuerzel wiisst a kallekhaltege fiichte bis suppege Wisen a Flaachmoueren am Guttland an am Éislek.



photo : Guy Conrady



# Cungs' Fleeschrout Fangerwuerzel

*Dactylorhiza incarnata ssp. cungsii*

**DE: Cungs' Fleischfarbene Fingerwurz**

**FR: dactylorhize incarnat de Cungs**

**EN: Cungs' early marsh-orchid**

VI

CR EN VU NT LC

D'Cungs' Fleeschrout Fangerwuerzel ass eng ganz besonnesch Seelenheet. Si gouf eréischt 2016 beschriwwen an ass eng endemesch Ënneraart fir Lëtzebuerg. Et gëtt si just op engem eenzege Standuert an engem staunaassen, ganz fiichte Beräich vum Naturschutzgebitt Kiemercher.


photo : Thierry Helminger



photo : Eric Threinen

# Vernoléissegt Fangerwuerzel

*Dactylorhiza praetermissa*

**DE: Übersehene Fingerwurz**

**FR: orchis négligé**

**EN: southern marsh orchid**

VI-VII

CR EN VU NT LC

Déi Vernoléissegt Fangerwuerzel gouf laang net vun der zimmlech änlecher Fleeschrouder Fangerwuerzel ënnerscheet. Si wiisst normalerweis a fiichte bis suppege Wisen an a Flaachmoueren. Zu Lëtzebuerg kennt si och an de fréieren Dagebaugebidder vir. Des Aart huet eng ausgepräägt atlantesch Verbreedung a Lëtzebuerg läit un der Ostgrenz vun hirem Verbreedungsgebitt.



photo : Guy Conrady

LËSCHT

# Lëscht vun de wëllwuessenden Orchideeën zu Lëtzebuerg

| | RL-Statut | Habitat | Säit |
|---|---|---|---|
| *Anacamptis coriophora* | RE | MAR | 98 |
| *Anacamptis morio* | CR | DRY | 60 |
| *Anacamptis palustris* | RE | MAR | 100 |
| *Anacamptis pyramidalis* | LC | DRY | 58 |
| *Cephalanthera damasonium* | LC | FOR | 34 |
| *Cephalanthera longifolia* | VU | FOR | 36 |
| *Cephalanthera rubra* | EN | FOR | 38 |
| *Cypripedium calceolus* | RE | FOR | 28 |
| *Dactylorhiza fuchsii* | VU | MAR | 106 |
| *Dactylorhiza incarnata* | EN | MAR | 108 |
| *Dactylorhiza incarnata ssp. cungsii* | CR | MAR | 110 |
| *Dactylorhiza maculata* | LC | DRY | 104 |
| *Dactylorhiza majalis* | LC | MAR | 102 |
| *Dactylorhiza praetermissa* | EN | MAR | 112 |
| *Dactylorhiza sambucina* | RE | DRY | 66 |
| *Dactylorhiza viridis* | CR | DRY | 94 |
| *Epipactis atrorubens* | VU | DRY | 54 |
| *Epipactis helleborine* | LC | FOR | 40 |
| *Epipactis leptochila* | CR | FOR | 46 |
| *Epipactis microphylla* | CR | FOR | 48 |
| *Epipactis muelleri* | EN | FOR | 42 |
| *Epipactis palustris* | EN | MAR | 96 |
| *Epipactis pupurata* | EN | FOR | 44 |

| | RL-Statut | Habitat | Säit |
|---|---|---|---|
| *Epipogium aphyllum* | CR | FOR | 24 |
| *Goodyera repens* | / | FOR | 50 |
| *Gymnadenia conopsea* | LC | DRY | 76 |
| *Gymnadenia odoratissima* | RE | DRY | 78 |
| *Herminium monorchis* | RE | DRY | 90 |
| *Himantoglossum hircinum* | LC | DRY | 56 |
| *Limodorum abortivum* | RE | FOR | 26 |
| *Neotinea tridentata* | RE | DRY | 62 |
| *Neotinea ustulata* | RE | DRY | 64 |
| *Neottia nidus-avis* | LC | FOR | 22 |
| *Neottia ovata* | LC | FOR | 20 |
| *Ophrys apifera* | LC | DRY | 68 |
| *Ophrys holosericea* | NT | DRY | 70 |
| *Ophrys insectifera* | NT | DRY | 72 |
| *Ophrys sphegodes* | CR | DRY | 74 |
| *Orchis anthropophora* | NT | DRY | 80 |
| *Orchis mascula* | LC | DRY | 82 |
| *Orchis militaris* | NT | DRY | 84 |
| *Orchis purpurea* | LC | FOR | 86 |
| *Orchis simia* | CR | DRY | 8 |
| *Platanthera bifolia* | LC | FOR | 30 |
| *Platanthera chlorantha* | LC | FOR | 32 |

# Bibliographie


Arbeitskreis Heimische Orchideen Rheinland-Pfalz/Saarland (Hrsg.) (2021) **Die wildwachsenden Orchideen in Rheinland-Pfalz** und im Saarland. Langenfeld.

Brandt S. (2021) **Juwelen der Natur. Orchideen in Thüringen.** Naturkundemuseum Erfurt. Begleitkatalog zur Ausstellung 2021. Verein der Freunde und Förderer des Naturkundemuseums Erfurt e.V., Erfurt.

Colling G. (2005) **Red List of the Vascular Plants of Luxembourg.** Ferrantia 42. Musée national d'histoire naturelle, Luxembourg.

Colling G. et al. (in prep.) **Red List of the Vascular Plants of Luxembourg.**

Kreutz C.A.J. **Orchideeën van de Benelux.** (2019) Kreutz Publishers (Sint Geertruid, Nederlands).

Lambinon J. & F. Verloove (coll. L. Delvosalle, B. Toussaint, D. Geerinck, I. Hoste, F. Van Rossum, B. Cornier, R. Schumacker, A. Vanderpoorten & H. Vannerom). **Nouvelle Flore de la Belgique, du Grand-Duché de Luxembourg, du Nord de la France et des Régions voisines** (Ptéridophytes et Spermatophytes). Sixième édition, deuxième tirage, avec corrections (2015). Edition du Jardin botanique Meise (Meise, Belgique).

Mangen J.-M., G. Colling, J. Massard, E. Medernach. **Die Orchideen Luxemburgs.** 2. neubearbeitete Auflage (1997). Musée National d'Histoire Naturelle, Société des Naturalistes Luxembourgeois.

MNHNL, 2000-. **Recorder-Lux**, database on the natural heritage of the Grand Duchy of Luxembourg. National Museum of Natural History, Luxembourg. [mdata.mnhn.lu]

Nogret J.-Y. , A. Simon, S. Vitzthum (2016) **À la découverte des orchidées sauvages de Lorraine.** Éditions du Quotidien, Strasbourg.

# Impressum

**Täuschend echt! Wëll Orchideeën zu Lëtzebuerg**
Katalog zur Ausstellung mam selwechte Numm

**Laura Daco & Thierry Helminger 2023**
Iwwersetzung: Thierry Helminger
Layout: Anita Faber, Romain Bei

Fotoe Modeller : Eric Threinen, Sebastian Brandt

Fotoe : Sebastian Brandt, Guy Conrady, Nathalie Grotz, Jan Herr, Wolfgang Hock,
Alain Hoffmann, Karel Kreutz, Yves Krippel, Max Lauff, Fernand Lommer, Marianne Majerus,
Jean-Marie Mangen, Jim Meisch, Georges Moes, Mikka Mootz, Ronny Mozek,
Simone Schneider, Eric Threinen, Jean-Paul Wolff, Peter Zschunke, Shutterstock

**Musée national d'histoire naturelle Luxembourg**